


## E PUER PERSÉINLECH VIRAUSSETZUNGEN FIR D'PRAXIS VUN DER

## TOLERANZ



"Eine Ethik, die dem Menschen einpredigt, sie sollten um Himmelwillen einander lieben, ohne dass dabei gefragt wird, wie die Liebe sich durchsetzen soll, eine solche Ethik macht sich selber zum Komplizen des Bösen." Arno Plack: Die Gesellschaft und das Böse

Dat gëllt ähnlech fir d'Toleranz. Vill Mënschen sin der Fuerderung no Toleranz net gewuuss. Muench groussarteg Iddi, wéi och d'Toleranz eng ass, déi a sech gesin e mënschleche Fortschritt war, huet sech doudgelaf oder as oofgebremst gin, well hir Promoteuren nüt mat de perséinleche Viraussetzungen gerechent haten, vun deenen hir Realisatioun ofgehaangen huet.

De Mënsch huet den eegenartegen Drang, dass all di aner mat him sollten iwereneestëmmen: si sollen di selwecht Usichten hun, diselwecht Interessen asw. Dat Friemt, dat wat aneschzt as wéi ech selwer, gët empfond wéi eng Gefor. Dann hëllefen ech mer oft drierew ewech mat Intoleranz géintiwer vun deem Friemen, deem Neien.

Jidder Meenungsverschiddenheet, jidder Ausernanersetzung rüfft am Mënsch eng Spannung ervir. Dorop kann ee verschidde reagéieren:

- 1) am Gespräch gët eng Iwereestëmmung erreecht.  
D'Spannung as verschwommen..
- 2) Deen aneren get zréckgewisen
  - a- durch Flucht, em-aus-dem-Wee-goen;
  - b- durch irgendeng Form vu Gewalt gët en énnerdréckt oder souguer éliminéiert.

D'Spannung verschwënnnt och an désem Fall (och wann ongudd Gefiller, wéi Schold, kënne nowiirken).
- 3) An der Métt vun deenen zwou Léisungen läit d'Toleranz: Mir gi nüt eens, mee mir loosseen een deen anere gëllen. D'Spannung bleiwt. Dat as eng ongemittelech Situation. Dofir huet d'Toleranz ét sou schwéier, iwer länger Zeit ewech nüt ze enttaarten entweder a Veruechten oder an Indifferenz.

\*

Mir hun et schwéier, länger Zäit mat Spannungen a Froen ze liewen. Dat ze léieren wir eng 1.VIRAUSSETZUNG fir d'Praxis vun der Toleranz.

Jidderee vun ons huet sech mat vill Méi en Deel vu Weltklärung ugéegent, sech e Weltbild opgebaut, dat eenegermoosser der Wiirklechkeet standhält. Dann huet ee nüt gär, wann doru gerëselt gët, wa pertinent Froe gestallt gin, déi eng Aennerung géifen erfuerderen. D'Angscht virum Emdenken erstéckt bei villen de gesonde Virwëtz an den Drang no neiem Wëssen. Oft féiert (souguer an der Wëssenschaft) d'Verdeedegung vum eemol Erreechten durch Intoleranz virum Neien a Saakgaassen an zu Absurditéiten.

Besonnesch hefteg wire mer eis géint Froen, déi eis Perséinlechkeetsstruktur oder eis Liewensgrondsätz a Fro stellen. "Wa mer eis net méi dodru kënnen halen, verléiere mer dann net de Buedem énnert de Féiss?"

Mir wieren ons och hefteg géint Froen, déi iwer laang keng Aentwert erlaaben (Sexualmoral); Grenzen vum

Wirtschaftswuestem...).


- 1) Mir sichen da méiglechst séier eng Pseudo-Aentwert
- 2) oder mer verdrängen d'Fro
- 3) oder mer strofen de Frosteller mat Veruechtung a man e lächerlech.

Während d'Toleranz an sou Fäll d'Fähegkeet an d'Beerechtschaft géng erfuederen, Froen an der Schwieu ze halen bis se fir eng Léisung reif sin, Konflikter nütze leegnen, d.h. eng Zeit Angscht an Onsécherheet a Kaf ze huelen.

Ech mengen, eng Bedingung dofir as, dass mer eis selwer nüt komplett mat eisen Opfaassungen identifizéieren, gläichsetzen. Tëscht eis selwer an onsen Opfaassungen misst souvill Spillraum sin, dass eng Fro iwer eis Usichte Plaz kënnt fannen, ouni eis Perséinlechkeet aus dem Gläichgewicht ze bréngen.

Geschitt déi Identifikatioun, dann as eng Attaque op d'Opfaassungen zugläich eng Attaque op mech selwer; an da wiren ech méch!

Hei huet secher eng falsch Erzéitung matgespillet. Schwaach Perséinlechkeete schützen sech gär hannert dem Panzer vun enger Ideologie oder enger Roll. (Mee



in: P.-F. 15/79

misste mir hinne géintiwer nüt tolerant sin? Wéi wäit kann déi Toleranz goen?)

\*

Eng 2.VIRAUSSETZUNG fir géintiwer vum Matmënsch tolerant ze sin, dat as Toleranz vis-à-vis vun sech selwer.

Nure wee séch selwer versteet, kann anerer verstoen. Nure wee séng eäge Problemer an Onzoulänglechkeiten nüt verleegent a verdrängt, ka Verständnis opbréngen fir deenen aneren hir.

Mir misste léieren, d'Angscht virun den donkle Säite vun eis selwer iwerwannen, déi hire Wee un d'Daagliicht sichen an Dreem, Wënsch, Virstellungen, onkontrollierte Reaktiounen, Gefillswallungen déi op eemol optrieden, asw.

Wéi sollte mer et färdeg bréngen, een aneren a sénge Aneschzt-sin ze akzeptéieren, wa mer ganz Deeler vun ons selwer nüt akzeptéieren, mee intolerant énnerdrécken?

Den Toleranten weess aus eegener Erfahrung ém mënsch-



in: L.Land 20/78

lech Schwächt a Verletzlechkeet, ëm Iirgoen a Schold. D'Sot vun der Intoleranz geet op am Mënsch, dee séng Onsécherheet verdrängt, deen den Zweiwel nüt opkomme léisst, deen a séngem zurechtgestutzte sougenannte "gudde Gewëssen" iwer anerer zu Geriicht sëtzt.

Fir kënnen tolerant ze sin, misste mer also eis därs émmer méi bewosst gin, wat an eis selwer virgeet. Dat kann ee bis zu engem gewësse Grad, wann ee mat séch selwer liewt an nüt nuren no bausse gekéiert, wann een iwer sech nodénkt, mat aneren iwer sech schwätzt an zouléisst, dass si eis de Spigel virhalen (fir Kranner geet dat nüt duer).

Et kënnnt een nüt tolerant op d'Welt. Tolerant muss ee gin. "Wir vertreten die Auffassung, dass Toleranz dem aggressiven Triebbereich abgerungen werden muss, dass sie eine vom Ich gesteuerte Gegenposition gegen aggressiv-destruktive Triebwünsche darstellt. Damit erkennen wir an, dass destruktive Aggression zwar ein stets vorhandener Anteil unserer Triebnatur ist, aber eben kein unveränderlicher. Die unzähligen Beweise destruktiver Lust, die wir aus der Geschichte kennen, wären nur dann eine trostlose Wiederholung des gleichen, wenn sich nicht das Bewusstsein, das Toleranz und Intoleranz wahrnimmt, entschieden geändert hätte. Solche Ausbrüche der Destruktivität äussern sich gerade in unserer Lebenszeit, aber eben auch die Versuche, ihrer Herr zu werden".

(Alexander Mitscherlich)

Séch sénger selwer méi bewosst gin; kënnnt den 1. Schrëtt dozou nüt sin, e wéineg Humor iwer sech selwer ze entwéckelen? Iwer séng eäge Bossegkeete schmunzelen, entspaant, mecht méi fräi.

(En Hoffnungsschimmer an deem Zesummenhank fir d'Kiirch as vläicht, wann en Doumprobst den "Orden wider den tierischen Ernst" kritt - op därf aner Säit beonrouegt ét mech, wa Chrëschten allergesch reagéieren op Karikaturen aus dem kiirchleche Liewen. Eng Karikatur kann eng Hëllef sin zum Distanz-halen.)

\*

Eng 3. VIRAUSETZUNG fir d'Toleranz as, dass mer eis eegen ännerlech Problemer, eis Usichten asw. nüt op eis Matmënschen iwerdroen (=Projektioun); well da kënne mer deen aneren nüt méi a sénger Wiirklechkeet zur Kenntnis huelen. Mir kënnen en also och nüt méi akzeptéieren, sou wéi en as, d.h. tolerant vis-à-vis vun him sin.

Et as eng Illusiouen ze mengen, mir géifen émmer eis Emwelt esou gesin, wéi se tatsächlech as; mee mir kucken se durch eise Brëll - an deen déforméiert d'Realitéit.

E Beispill: Zwou Frae gesin hire Mann kräischen. Si gesi nüt (reng objektiv) e Mann, deem Salzwasser aus den Aen drëpst; mee di 1.Fra gesäit - oofschätzeg - e Mann, dee séng Gefiller nüt beherrsche kann; an déi 2.Fra gesäit - unerkennend - e Mann, dee sensibel as, deen en Härz huet an dat och weist.

Déi zwou Frae émfannen hier Männer je nom Idealbild vum Mann, dat se an sech droen, an dat sécher vu wäit hir aus der Kandheet kënnnt. Am selwechte Moment, wou si e Mann gesi kräischen, iwerdroen si op hien hir perséinlech Interpretatioun: si gesin e verweechlechten resp. e sensible Mann. Déi Projektioun geschitt meeschtf onbewosst. Si verhënnert, dee Mann a sénger eegener Wiirklechkeet ze erfaassen.

Wat geng an deem Fall heeschen, tolerant sin? Dat géif nüt heeschen, mëng eegen Interpretatioun ze verleegnen (well déi as jo och reell), mee mer emol bewosst ze gin, dass ech et mat enger Interpretatioun ze din hun (an nüt mat enger einfacher Tat-saach); dass et eng vun de méiglechen, ma nüt di eenzeg méiglech Interpretatioun as.

Domat hätt ech souvill Distanz téscht mir a ménger Opfaassung geschafen, dass ech kënnnt versichen, ze verstoen, wat an deem anere virgeet, wéi hie sech selwer émpfénnt a gesäit. Dann eréischt kann ech en akzeptéieren, e gëlle loessen, och wann ech nüt mat em d'accord sin; d.h. ech ka vis-à-vis vun him tolerant sin.

2 Beispiller, déi weisen, wéi steril an zerstéieresch sou Projektiounen kënnne sin:

1. En däitsche Politiker setzt sech vehement a gefillsbetount fir d'"Wiedervereinigung" an. Seng emotional Astellung verhënnert, dass en zougänglech as fir Argumenter a fir eng sachlech Aschätzung vun der Situatioun. An enger Therapie kënnnt un d'Daagliicht, dass en op de Problem vun der "Wiedervereinigung" dauernd sain eegene Problem iwerdroen huet, nämliech dass en d'Scheedung vu séngen Elteren nüt verwonnen hat. Dat eemol erkannt a verschafft, huet hien sech nach émmer fir d'"Wiedervereinigung" agesat, mee e konnt elo ouni Emotiounen a Virurdeeler no realisteche Léisungsméiglechkeete sichen.

2. De strengen Erzéier:

'T ka sin, dass e strengen a sturen Erzéier séng eegen Onzoulänglechkeeten am Kand bekämpft. E fillt sech als Kämpfer fir d'Wourécht, déi e selwer bei sech nüt realiséiere kann. Dem Kand séng Schwäche



PLANTU  
in: Le Monde, 10/10/1978

**Auch die Breiter,  
die man vor dem  
Kampf hat, können  
die Welt bedeuten!**

bestrofen rifft bei him déif Satisfaktiouen ervir. Dat Schrecklecht an sou engem Fall as, dass en dem Kand nüt ka virunhöllefien, well e blann as fir dem Kand séng Wiirklechkeet, déi e jo awer misst erkennen, fir Weér ze entdecken, déi d'Kand weiderbréngen. Wat e Mënsch méi onräif a schwaach as, wat e mat anere méi streng an haart émgeet.

Dir verstitt sécher elo, woufir fir Kommunisten- a Pafefrésser d'Toleranz onmëiglech as. Nét bei de Kommunisten resp. de Pafen, mee bei sech selwer missten d'Veränderungen ufänken! D'Kommunisten an d'Pafen können sech verändern souvill se wëllen, dat ännert näischt um Haass géint si. Hätten se sech esou verännert, dass een den Haass op si nüt méi kennt iwerdroen, da fénnt sech émmer nees direkt e neie "Sénnenbock". An d'Karussel dréit weider.

Et diirft och klor sin, woufir besonnesch schwaach, labil Mënschen, déi an hirer psychescher Entwécklung gehemmt goufen, sou liicht de Fanatiker vun alle Schattierungen op de Läim gin; an dat besonnesch a Krisenzäiten, wann zousätzlech Ängschten erwächt gin. Si si faszinéiert vun engem, dee behaapt, en hätt d'Léisung vun de Problemer, e wéisst sécher, wou de Wee géif hiféieren; besonnesch, wann dee Wee iwer d'Zerstéierung vun engem reellen oder imaginäre Feind feiert, op deen een ongestrooft all Affekter an Aggressivitéit ka lassloossen.

Nach eng kuurz Bemiirkung: Wann e gesonden, tolerante Mënsch durch d'Emstänn gezwunge gët, intolerant ze gin, dann as en aneschtt intolerant wéi deen, dee nüt aneschters kann. Den Toleranten weess ém Geforen an ém Grenzen, déi en ni iwerschrëtt; e wënscht sech, sou séier wéi méiglech zur Toleranz kënnen zréckzekommen; während deen aneren sech jhust an der Intoleranz wuelfillt.

\*

#### Mir kommen zum SCHLUSS:

Toleranz kann nüt kommandéiert gin! De Wee zu méi Toleranz féiert iwer d'Erzéitung zu Mënschen, déi eng staark Perséinlechkeet hun,

- dodurch, dass se an engem Kader vu Léift a Gebuergenheet e staarkt Grondvertrauen an d'Liewen entwéckle konnten, a sech selwer akzeptéiere können;
- dodurch dass se geléiert hun, mat aneren zesummezielen an op anerer anzegoen;
- dodurch dass se fäheg goufen, ouni iwerpéisseg Spannungen déi Verzichter op sech ze huelen, déi d'Zesummeliewe mat aneren mat séch bréngt;
- dodurch dass hir Wëssbegier gefördert a nüt ersteckt gouf, sou dass se zougänglech si fir émmer nei Erfahrungen, fir d'ganz Wiirklechkeet.

Toleranz léiert ee nüt a Bicher, mee am Kontakt mat selbstännege, kritischen an tolerante Mënschen. Dobei huet ee ni ausgeléiert.

Et muss een zougin, dass de gesellschaftleche Klima, an deem mir liewe momentan, fir sou eng Entwécklung nüt gënschteg as; dass d'Erzéitung, déi vill Kanner a Jugendlecher kréien, deem nüt entsprécht, wat ech elo grad skizzéiert hun. Eng UrsAACh méi, fir un engem bessere Klima matzewirken. Fr. Koedinger